N° 7878
Entrée le 21.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

**Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7878 vum 11. Abrëll 2023 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

Zur Fro 1:

De Gesamtwäert beleeft sech aktuell op 104 Milliounen Euro, wouvu fir 83 Milliounen Euro bis elo un d'Ukrain geliwwert goufen.

Zur Fro 2:

D'*Facilité européenne pour la paix* (FEP) ass insgesamt mat 7,98 Milliarden Euro fir d'Period 2021-2027 dotéiert (en initiale Budget vun 5,692 Milliarden Euro plus en Zousaz vun 2,278 Milliarden Euro). Déi Lëtzebuerger Kontributioun gëtt no engem Schlëssel, deen um Bruttonationalakommes baséiert, berechent deen aktuell bei 0,37% läit. Aktuell huet Lëtzebuerg 5.345.540 Euro abezuelt.

Zu de Froen 3 a 4:

Lëtzebuerg huet kee Remboursement ugefrot, well d'Moyene vun der FEP begrenzt sinn, wärend Lëtzebuerg gäre wëll den *Effort de défense* erhéijen. Sou stinn insgesamt méi Suen zur Verfügung fir d'Ukrain z'ënnerstëtzen an esou zu der gesamteuropäescher Sécherheet bäizedroen.

Lëtzebuerg, den 21. Abrëll 2023

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister